N° 61 | AUGUST 2022

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun August 2022

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung Fëschbech
Maison Relais
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Andrée DAEMS
Mike DAEMS
Ant DEISTER
Tom HEINZ
Daniel HOTTUA
Lucien KARIER
Olivier MOLITOR
Daniel MOURA
Laurent SCHILTZ
Viviane THILL
Pamela THOLL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Olivier MOLITOR

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu


## GEMENG


| | |
|---|---|
| Gemengerotssëtzungen | 4 |
| Matdeelungen | |
| Apprenez le Luxembourgeois | 10 |
| Umeldung fir d'Firmung | 11 |
| Label vun der Superdreckskëscht | 12 |
| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng | |
| UGDA Diplomiwwerreechung - Schouljoer 2020/2021 | 13 |
| Renovatioun Paschtoueschhaus | 14 |
| Nuit du sport | 16 |
| Soirée de solidarité | 18 |
| Virowend vun Nationalfeierdag | 20 |
| Summerfest | 22 |
| Presentatioun vum Fahradwegekonzept Regioun Mëllerdall | 24 |
| Kéidenger Brill | 26 |


## ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG


| | |
|---|---|
| Aktivitéiten an der Schoul | 28 |
| Ofschloss Fest | 44 |
| Aktivitéiten an der Maison Relais „bei de Kueben" | 46 |


## WAT WAR LASS?


| | |
|---|---|
| Basar vun eise Fraen a Mammen | 54 |
| Spargeliessen | 55 |
| 1. Mee zu Schous | 56 |
| Albinusfeier | 57 |
| Hexebal | 58 |
| D'Minis vum BBC Arantia Larochette gewannen d'Coupe de Luxembourg | 60 |
| Nopeschfest | 62 |
| Aktivitéiten beim CIS Feschbech | 64 |


## AGENDA


| | |
|---|---|
| Aktivitéitskalenner 2022 | 68 |


*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen*
***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 62/2022 ass den 30/11/2022.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***

# Virwuert



*Léif Biergerinnen a Bierger*
*aus der Fëschber Gemeng,*

Ee waarmen dréchene Summer mat Temperature bis zu 40°C geet lues a lues an seng Schlussphas, d'Fouer ass no enger Zwangspaus rëm an dann ass och schonn d'Groussvakanz sou gutt wéi eriwwer an d'Schoul geet rëm un.

Fir d'Ofschlossklas vum Schouljoer 21/22 geet souguer e ganz neit Kapitel un, si gi vun der Rentrée un an déi „grouss Schoul" a verloossen d'Angsber Schoul. De Schäffen- a Gemengerot wënscht hinnen all Guddes op hirem weidere Schoulwee.

Fir deen aktuelle Schäffen- a Gemengerot huet dat lescht Joer ugefaangen. Vill Projete konnten an deene leschte 5 Joer ëmgesat ginn. Vill aner Projete sinn awer nach an der Ausschaffung bzw am gaangen ëmgesat ze ginn. Den 11. Juni 2023 si Gemengewalen, mol kucke wéi et dono weidergeet…

Vu Corona héiert een am Moment net méi vill, ma dofir em sou méi vum Konflikt an der Ukrain mat all den Auswierkunge fir eis all. Vill Misär an Ongewëssheet beschäftegen eis, a virun allem d'Leit aus der Ukrain. Mir hu jo eist alt Paschtouesch Haus zu Fëschbech zur Verfügung gestallt fir ukrainesch Flüchtlingen opzehuelen. Dëst war awer just duerch de fläissegen Asaz vu ville fräiwëllege Bierger méiglech. Dofir hei nach eng Kéier en grousse Merci un all déi Leit déi gehollef hunn. An dësem Blat fannt Dir och en Artikel mat e puer Fotoe vun der Renovatioun.

Den interkommunale Waasserreseau tëschent de Gemengen Noumer, Fiels a Fëschbech geet an seng Schlussphas, sou datt mer geschwënn deen neie Waasserreseau kënnen a Betrib huelen, wat eis an eisen Nopeschgemengen eng Verbesserung vun der Drénkwaasserversuergung garantéiert, souwuel wat d'Versuergung wéi och d'Qualitéit ugeet. Grad duerch Jore wéi dëst Joer, wou d'Dréchent eis och hei zu Lëtzebuerg plot an d'Nidderschléi sech rare maachen, gëtt d'Wichtegkeet vun esou engem Investissement an d'Drénkwaasserversuergung ënnermauert. Fir eis als Gemengeresponsabel ass dëst eng sënnvoll Mesure, déi eis an Iech och wäert an Zukunft nëtzlech sinn.

Ech wënschen Iech nach vill Freed mat dësem Gemengeblat.

mat beschte Gréiss,

*Patrick GROTZ*
*1.Schäffen*

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 7 avril 2022

Présents : DAEMS Fränk – bourgmestre;
BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel,
SCHILTZ Laurent - conseillers

Excusé : GROTZ Patrick – échevin;
OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude – conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 1.711.587,30 € pour l'exercice 2021 et 611.616,86 € pour l'exercice 2022 sont approuvés.

2. Le conseil accorde au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation d'ester en justice contre l'arrêté du Conseil de gouvernement portant classement comme monument national le cimetière communal de Fischbach.

3. Le conseil approuve le devis supplémentaire relatif à la phase 1 du réaménagement de la cour de l'école Angelsberg s'élevant à 25.000 € TTC. Le devis total pour la phase 1 du réaménagement de la cour de l'école s'élève donc à 50.000 €.

4. Le devis relatif à la phase 2 du réaménagement de la cour de l'école Angelsberg s'élevant à 60.000 € TTC est approuvé.

5. Le conseil approuve le devis relatif aux travaux d'isolation des faux-plafonds des salles de classe du cycle 4 de l'école à Angelsberg s'élevant à 50.000 € TTC.

6. Le conseil approuve le devis concernant divers travaux de réparation et de mise en conformité sécurité du Veräinshaus s'élevant à 122.000 € TTC.

7. Dans le cadre du renouvellement des infrastructures et du réaménagement complet de la rue du Berger à Fischbach le conseil approuve un contrat avec le bureau d'ingénieurs conseils INCA s.à.r.l. de Niederanven au montant total d'honoraires de 116.883 € TTC.

8. En vue de l'élaboration d'un concept de mobilité moyennant procès participatif avec transposition dans le règlement de circulation, le conseil approuve un contrat avec le bureau d'ingénieurs conseils LUXPLAN s.à.r.l. de Contern au montant de 57.915 € TTC.

9. La proposition d'honoraires présentée par le bureau d'ingénieurs conseils INCA s.à.r.l. de Niederanven ayant pour objet les études nécessaires pour la création d'un arrêt de bus dans la rue Grande-Duchesse Charlotte à Fischbach au montant estimé de 35.819,46 € TTC est approuvée.

10. Le conseil approuve les conventions avec le Fonds de Gestion des édifices religieux ayant pour objet la mise à disposition pour l'exercice du culte catholique :
    - de l'église de Fischbach à 5 voix et 1 abstention ;
    - de l'église d'Angelsberg à 4 voix contre 1 et 1 abstention ;
    - de l'église de Schoos à 4 voix contre 2.

11. En considérant la hausse du prix de combustibles, le conseil approuve les crédits budgétaires supplémentaires suivants pour mazout de chauffage :
    - mairie : + 6.000 €
    - ancien presbytère à Fischbach : + 4.000 €
    - Veräinshaus & Keilchen : + 10.000 €
    - églises : + 3.000 €

12. Le conseil approuve un contrat de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen de Fischbach pour le remplacement dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 1.711.587,30 € fir 2021 a 611.616,86 € fir 2022.

2. De Gemengerot erlaabt dem Schäfferot juristesch géint Entscheedung vum Regierungsrot virzegoen, de Fëschber Kierfecht als nationaalt Monument ze klasséieren.

3. De Gemengerot geneemegt en zousätzlechen Devis iwwert 25.000 € TTC vir d'Phase 1 vum Erneiere vum Schoulhaff bei der Angsber Schoul. Den Totaldevis läit elo bei 50.000 €.

4. De Gemengerot geneemegt den Devis iwwert 60.000 € TTC vir déi 2. Phase vum Erneieren vum Schoulhaff bei der Angsber Schoul.

5. Den Devis iwwert 50.000 € TTC vir de Plaffong an de Klassesäll vum Cycle 4 nei ze isoléiere gëtt vum Gemengerot guttgeheescht.

6. Den Devis iwwert 122.000 € TTC vir verschidde Reparaturen an d'Verbessere vun der Sécherheet am Veräinshaus gëtt vum Gemengerot geneemegt.

7. Am Kader vun der Erneierung vun den Infrastrukturen an dem Reamenagement vun der rue du Berger zu Fëschbech approuvéiert de Gemengerot e Vertrag iwwert 116.883 € TTC mam Ingénieursbureau INCA s.à.r.l. vu Nidderaanwen.

8. Mam Ingénieursbureau LUXPLAN s.à.r.l. vu Contern gouf e Vertrag iwwert 57.915 € TTC ofgeschloss fir an engem partizipative Prozess zesumme mat de Bierger aus der Gemeng e Mobilitéitskonzept auszeschaffen an am Verkéiersreglement ëmzesetzen. De Gemengerot heescht de Kontrakt gutt.

9. De Gemengerot stëmmt engem Vertrag iwwert 35.819,46 € TTC mam Ingénieursbureau INCA s.à.r.l. vu Nidderaanwen zou, fir d'Planung vun enger Bushaltestell an der rue Grande-Duchesse Charlotte zu Fëschbech.

10. D'Konventioune mam Kierchefong betreffend zur Verfügungstelle vun de Kierchen gi mat folgende Votte guttgeheescht:
    - mat 5 Stëmmen an 1 Enthalung wat d'Fëschber Kierch ugeet;
    - mat 4 Stëmmen an 1 Géigestëmm an 1 Enthalung betreffend d'Angsber Kierch;
    - mat 4 Stëmmen an 2 Géigestëmme wat d'Kierch zu Schous ugeet.

11. Well de Präis um Brennes an d'Luucht gaangen ass, geneemegt de Gemengerot zousätzlech Kreditter am Budget fir Heizungsmazout:
    - Gemengenhaus: + 6.000 €
    - Aalt Paschtoueschhaus: + 4.000 €
    - Veräinshaus & Keilchen: + 10.000 €
    - Kierchegebaier: + 3.000 €

12. De Gemengerot stëmmt en zäitlech begrenzten Aarbechtsvertrag fir d'Madamm Sandra Vaessen fir d'Opsiicht am Schoulbus.



GEMENG

# Séance publique du conseil communal du 30 mai 2022

Présents : DAEMS Fränk – bourgmestre ;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent (à partir du point 3 de l'ordre du jour) – conseillers

Excusé : TRAUSCH Claude – conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. 1. Sur invitation du Collège échevinal le receveur communal Michèle Scholtes présente l'état des restants de l'exercice 2021 et le Conseil communal décide d'admettre :

   - en reprises provisoires 57.653,40 €
   - en décharge / irrécouvrables 13,50 €
   - TOTAL des restants à poursuivre 57.666,90 €

   Le Conseil accorde au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation d'ester en justice contre les débiteurs si nécessaires.

2. A) Par vote secret le Conseil communal propose de réaffecter Madame PANSIN Lisa de Steinsel au poste vacant d'instituteur d'une tâche de 100% à partir de l'année scolaire 2022/2023.

   B) Par vote secret le Conseil communal propose à 5 voix et 2 abstentions de réaffecter Madame SCHOCK Valérie de Mersch au poste vacant d'instituteur d'une tâche de 100% pour l'année scolaire 2022/2023.

3. Sur invitation du Collège échevinal la présidente du comité d'école Sarah Kolber présente l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2022/2023 laquelle est approuvée par le Conseil communal.

4. Le Conseil communal soutient la coopération étroite entre l'enseignement fondamental et la structure d'accueil et approuve le Plan d'Encadrement Périscolaire 2022/2023 établi par l'équipe pédagogique.

5. Des titres de recettes portant sur un montant de 603.659,58 € pour l'exercice 2021 et 1.193.525,70 € pour l'exercice 2022 sont approuvés.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. Op Invitatioun vum Schäfferot stellt d'Einnehmerin Michèle Scholtes den Restantenétat vum Joer 2020 vir, den uschléissend vum Gemengerot festgehale gëtt:

   - Gesamtzomm vun de geschëlte Suen: 57.653,40 €
   - Dechargen, resp. net anzedreiwen: 13,50 €
   - Et bleiwe geschëlt: 57.666,90 €

   Ausserdeem kritt de Schäfferot d'Erlabnis, wann néideg geriichtlech géint d'Schëldner virzegoen.

2. A) An engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot d'Madamm PANSIN Lisa vu Steesel ob de freie Posten (100%) als Enseignante ab dem Schouljoer 2022/2023 ze nennen.

   B) An enger geheimer Ofstëmmung proposéiert de Gemengerot, mat 5 Stëmmen an 2 Enthalungen, fir d'Madamm SCHOCK Valérie vu Miersch op de freie Posten (100%) als Enseignante fir d'Schouljoer 2022/2023 ze nennen.

3. Op Invitatioun vum Schäfferot presentéiert d'Presidentin vum Schoulkommitee Sarah Kolber déi provisoresch Schoulorganisatioun 2022/2023 déi da vum Gemengerot guttgeheescht gëtt.

4. De Gemengerot ënnerstëtzt déi enk Zesummenaarbecht tëschent der Kannerbetreiungsstruktur an der Grondschoul a geneemegt de schoulesche Betreiungsplang 2022/2023, esou wéi en vun der pedagogescher Équipe ausgeschafft ginn ass.

5. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 603.659,58 € fir 2021 an 1.193.525,70 € fir 2022





6. Vu le compte administratif présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour l'exercice 2020 et en considérant la note du collège des bourgmestre et échevins en réponse du rapport du Service de Contrôle de la Comptabilité Communale, le conseil communal arrête provisoirement ledit compte conformément au tableau récapitulatif suivant :

6. Nodeems d'Äntwert vum Schäfferot op de Bericht vun der Gemengefinanzkontroll acceptéiert gouf, hält de Gemengerot den administrative Kont 2020 provisoresch folgendermoosse fest:

| Tableau récapitulatif | Sommes proposées par le collège |
|---|---|
| Boni du compte de 2019 | 2 252 124,76 € |
| Recettes ordinaires | 4 822 541,08 € |
| Recettes extraordinaires | 3 126 556,23 € |
| Total des recettes | 10 201 222,07 € |
| Mali du compte de 2019 | 0,00 € |
| Dépenses ordinaires | 2 749 026,89 € |
| Dépenses extraordinaires | 4 768 402,45 € |
| Total des dépenses | 7 517 429,34 € |
| Boni | 2 683 792,73 € |
| Mali | |

7. Vu le compte de gestion présenté par le receveur pour l'exercice 2020 et en considérant que ce compte ne donne pas lieu à observation de la part de la Direction de Contrôle de la Comptabilité Communal, le conseil communal arrête provisoirement ledit compte de gestion 2020.

8. Le conseil communal approuve plusieurs morcellements de parcelles sises à Schoos aux lieux-dits Haapstrooss et rue de Rollingen.

9. Le conseil ratifie un contrat de concession de sépulture relatif à une case du columbaire au cimetière à Fischbach.

10. Le conseil arrête deux règlements de circulation avec effet temporaire sur la voirie vicinale à Fischbach rue de l'Eglise et Im Batz.

11. Le conseil décide de ne pas donner une suite favorable à la demande de l'association dénommée « Beieveräin Kanton Miersch » à 7 voix et 1 abstention.

7. Wëll keng Bemierkungen duerch den d'Gemengenfinanzkontroll virleie ginn d'Gestiounskonten 2020 vum Einnehmer provisoresch festgehalen.

8. De Gemengerot geneemegt d'Opdeelung vu verschidde Kadasterparzelle geleeën zu Schous an der Haaptstrooss an an der rue de Rollingen.

9. De Gemengerot ratifizéiert eng Konzessioun fir eng Case am Columbarium um Fëschber Kierfecht.

10. De Gemengerot hëlt 2 temporär Verkéiersreglementer betreffend d'Gemengeweeër zu Fëschbech rue de l'Eglise an Im Batz.

11. De Gemengerot entscheet dem „Beieveräin Kanton Miersch" kee Subsid zoukomme ze loossen bei 7 Stëmmen an enger Enthalung.

# Séance publique du conseil communal du 14 juillet 2022

Présents : DAEMS Fränk – bourgmestre ;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel,
OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent – conseillers

Excusé : TRAUSCH Claude – conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Ouï les explications concernant les objectifs fournis par Monsieur Olivier Molitor, préposé-forestier du triage de Larochette, le Conseil communal approuve le plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2023 prévoyant des dépenses de 114.250 € et des recettes de 133.620 €.

2. Des titres de recettes portant sur un montant de 1.770.309,34 € sont approuvés.

3. Le Conseil décide de maintenir pour l'année 2022 le taux de l'impôt commercial à 300%.

4. Il est décidé de reconduire pour l'année 2023 les mêmes taux de l'impôt foncier que l'année précédente, à savoir :

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. No den Erklärunge vum Fierschter Olivier Molitor geneemegt de Gemengerot de Forstverwaltungsplang 2023, den Ausgaben an Héicht vun 114.250 € an Einname vun 133.620 € virgesäit.

2. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 1.770.309,34 €.

3. De Gemengerot decidéiert fir d'Joer 2022 de Saz vun der Handelssteier bei 300% ze beloossen.

4. De Gemengerot entscheet fir 2023 d'Steiersäz vun der Grondsteier vun 2022 bäizebehalen:

| | | |
|---|---|---|
| A | Exploitations agricoles et forestières | 320 % |
| B1 | Constructions industrielles et commerciales | 450 % |
| B2 | Constructions à usage mixte | 450 % |
| B3 | Constructions à autres usages | 450 % |
| B4 | Maisons unifamiliales, maisons de rapport | 165 % |
| B5 | Immeubles non-bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation | 500 % |
| B6 | Terrains à bâtir à des fins d'habitation | 600 % |

5. Un crédit supplémentaire de 5.000 € au budget extraordinaire de l'exercice 2022 pour l'installation d'une centrale incendie (BMZ) à l'école fondamentale est approuvé.

6. Suite au recours introduit par la commune contre les décisions de la ministre de la Culture et du Conseil de Gouvernement portant classement du cimetière à Fischbach comme monument national, le conseil approuve un crédit supplémentaire de 20.000 € pour honoraires juridiques au budget ordinaire de l'exercice 2022.

5. De Gemengerot geneemegt en zousätzleche Kredit vu 5.000 € am ausseruerdentlechem Budget 2022 fir an der Grondschoul eng Brandmeldezentral z'installéieren.

6. Wéinst dem Recours den d'Gemeng géint d'Entscheedunge vun der Kulturministesch an der Regierung de Fëschber Kierfecht als nationaalt Monument ze klasséieren deposéieiert huet, geneemegt de Gemengerot 2022 en zousätzleche Kredit vun 20.000 € fir d'Affekotekäschten.







7. Afin de de régulariser des situations existantes, le conseil décide de reclasser du domaine public dans le domaine privé de la Commune à Fischbach :

A - quelques 95 mètres du chemin vicinal dénommée rue St Nicolas à 7 voix contre 1 ;

B - quelques 518 mètres du chemin forestier au lieu-dit « in der Ho ».

8. Le conseil décide d'affecter à la célébration de mariages et à la réception de déclarations de partenariats le « Veräinshaus » à Schoos, sous condition que les locaux ont été loués préalablement conformément aux règlements communaux existants.

9. Le conseil désigne Messieurs :

- Dan Moura de Schoos, conseiller communal, comme membre effectif ;

- Lucien Brosius de Schoos, échevin, comme membre suppléant ;

au sein de la Commission de surveillance de la Maison de Séjour et de Soins « Beim Goldknapp » à Erpeldange-sur-Sûre.

10. Le conseil ratifie la convention avec le Conservatoire de Musique du Nord ayant pour objet de régler la participation financière de la commune pour ses élèves/citoyens inscrits au CMNord à partir de l'année scolaire 2022/2023.

7. Fir bestoend Situatiounen ze regulariséieren entscheed de Gemengerot folgend Weeër zu Fëschbech vum ëffentlechem Raum an der Privatbesëtz vun der Gemeng ëmzeklasséieren

A – 95 Meter vum Gemengewee rue St. Nicolas mat 7 Stëmmen an 1 dergéint;

B – 518 Meter vum Bëschwee „in der Ho";

8. De Gemengerot entscheet, dass ausser am Gemengenhaus och am Veräinshaus zu Schouss kënnen d'Zeremonien fir Hochzäiten a Pacs'en ofgehale ginn, ënnert der Konditioun dass d'Raimlechkeeten am Virfeld gemäss den bestoenden Gemengereglementer gelount gi sinn.

9. De Gemengerot bestëmmt d'Hären:

- Dan Moura vu Schous, Gemengeconseiller, als Member;

- Luss Brosius vu Schous, Schäffen, als Ersatzmember;

an d'Iwwerwaachungskommissioun vum Alters- a Fleegeheim „Beim Goldknapp" zu Ierpeldeng.

10. De Gemengerot ratifizéiert d'Konventioun mat dem Conservatoire de Musique du Nord wou d'finanziell Bedeelegung vun de Gemenge fir hir Schüler / Awunner ab dem Schouljoer 22/23 gereegelt gëtt.

GEMENG

## Apprenez le Luxembourgeois au « Veräinshaus » à Schoos.

Sur initiative de notre commune, le « Mouvement pour l'égalité des chances » (mec asbl) organise des cours de langue luxembourgeoise dans notre commune. Ayant lieu les MERCREDIS du 28 septembre 2022 au 07 juin 2023 entre 19h00 et 21h00, ce cours ne demande aucune connaissance de base et s'adresse aux débutants. Les coûts pour les 60 heures répartis à 30 semaines s'élèvent à 180 € par participant. Ce cours officiellement reconnu porte l'intitulé « Luxembourgeois débutants A.1.1 – soir – cours en salle LA-LB-328 » et les inscriptions se font par le site internet de mec asbl https ://mecasbl.lu/formations/langues/ .

## Learn Luxembourgish at the „Veräinshaus" in Schoos.

On the initiative of our municipality, the „Mouvement pour l'égalité des chances" (mec asbl) organizes Luxembourgish language courses in our municipality. Taking place on WEDNESDAYS from September 28, 2022 to June 7, 2023 between 7:00 p.m. and 9:00 p.m., this course does not require any basic knowledge and is intended for beginners. The costs of € 180 per participant include 60 hours (30 weeks) of course. This officially recognized course is called „Luxembourgeois débutants A.1.1 – soir – cours en salle LA-LB-328" and registration is done via the mec asbl website https://mecasbl.lu/formations/langues/ .

## Luxemburgisch lernen im „Veräinshaus" in Schoos.

Auf Initiative unserer Gemeinde organisiert das „Mouvement pour l'égalité des chances" (mec asbl) luxemburgische Sprachkurse in unserer Gemeinde. Diese finden jeden MITTWOCH vom 28. September 2022 bis 7. Juni 2023 zwischen 19:00 und 21:00 Uhr statt. Dieser Kurs setzt keine Grundkenntnisse voraus und richtet sich somit an Anfänger. Die Kosten von 180 € pro Teilnehmer beinhalten 60 Stunden (30 Wochen) Sprachkurse. Dieser offiziell anerkannte Kurs trägt den Titel „Luxembourgeois débutants A.1.1 – soir – cours en salle LA-LB-328" und die Anmeldung erfolgt über die Webseite der mec asbl https://mecasbl.lu/formations/langues/ .

**„Veräinshaus"**
**7, op der Héicht L-7475 Schoos**
**28/09/2022 - 07/06/2023**
**30 mercredis**
**30 wednesdays / 30 Mittwoche**
**19h00 - 21h00**

**INFOS :**
**https://mecasbl.lu/formations/langues/**








## Umeldung fir d'Firmung

## de 27. Mee 2023

## zu Miersch



Wann Dir 16 Jar al sidd oder méi
(mir hunn och e Virbereedungsgrupp fir Erwuessener)
an Interessi huet un der Firmung
an och wëllt iwwert Äere Glawen nodenken a sichen,
da sidd Dir häerzlich wellkomm an eisem Firmungsgrupp.

Am Oktober 2022 starte mir mat eiser Virbereedung.

Dir kënnt Iech elo umelden entweder
beim Andrée Hanck 621 267 886
oder beim Marie-Jeanne Loewen 661 120 657
oder beim Félix Steichen 691 320 059 (awer bei him erréischt
ab Enn Juli).
Dir braucht ausserdem en Dafschäin
(bei Problemer hëllefe mir Iech gär weider).

# Label vun der Superdreckskëscht




**Säit dem 10. Juni 2022 huet d'Gemeng Fëschbech op all senge Gebaier de Label vun der Superdreckskëscht fir Betriber.**

Dëse Label weist dass Gemeng sech asëtzt fir Sondermüll ( Batterien, Toner, Faarfreschter,..) richteg ze trennen an z'entsuergen. De Schäffen- a Gemengerot seet iwwert dëse Wee alle Mataarbechter Merci fir hiert Engagement bei der Trennung vum Offall!

*fir de Schäfferot*
*Luss BROSIUS*

SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht ®







# UGDA Diplomiwwerreechung - Schouljoer 2020/2021

**De 27. Maerz 2022 huet d'UGDA (Union Grand-Duc Adolphe) Musëksschoul op d'Remise Officielle des diplômes de l'année scolaire 2020/2021 op Fréisëng invitéiert.**

892 Schüler aus 55 Gemengen an aus 3 Syndikater hunn d'Musekscoursen am läschte Schouljoer iwwert d'UGDA absolvéiert. Aus der Fielser Musëksschoul, wou d'Gemeng Fëschbech niewt de Gemengen Noumer an Hiefenech conventionnéiert ass, kruute 17 Schüler hiren Diplom, dorënner d'Florence Conrad vun Angelsbierg an de Jimmy Kolber vu Schous, allebéid mat der Distinctioun „Très bien"!

D'Diplomer goufe wéi ëmmer vun de Buergermeeschteren oder de Vertrieder aus de respektive Gemengen iwwerreecht.

Félicitatioune Florence a Jimmy fir Ärt excellent Resultat, a bleiwt weider passionéiert.

*Fränk DAEMS*
*Buergermeeschter*




© Photo: J.M. "Lupo" Ludowicy - lupo.lu

*d'Florence Conrad ass leider aus gesondheetleche Grënn net op der Foto*

GEMENG

# Renovatioun Paschtoueschhaus

**ABRËLL - MEE 2022 FËSCHBECH**

**Wou Ënn Februar dëst Joer deen onnéidege Krich an der Ukrain entflaamt ass a vill Mënschen Hals iwwer Kapp hiert Land probéiert hunn ze verloossen, war eis als Gemengeresponsabel séier kloer dass och d'Gemeng Fëschbech wëll a muss hëllefen.**



E Logement fir Krichsflüchtlinge à disposition stellen, dat war de Plang. Vill esou Logementer huet eis Gemeng jo net, mee d'Paschtoueschhaus zu Fëschbech huet sech duerfir ugebueden. Duerfir bräicht et awer eng Renovatioun grad wéi e Grond Equipement vu Miwwel, an dat méiglechst séier. Fir deen Zweck hu mir een Opruff an eiser Populatioun gemaach, an dat mat ganz vill Succès. Motivéiert an hëllefsbereet Leit aus allen Beruffs- an Altersgruppen hunn sech séier gemellt a mat kräfteger Ënnerstëtzung vun eise Gemengen-Servicer d'Paschtoueschhaus an Zäit vu knapp 3 Woche rëm bewunnbar gemaach, esou dass d'Haus vum 29. Mee un vun 2 ukrainesche Famille konnt bewunnt ginn.

Dëst war just méiglech duerch d'Hëllef vu ville fläissege fräiwëllegen Hänn déi am Haus geschafft hunn, Leit déi Miwwel an Elektrogeräter gespent hunn awer och duerch d'Vermëttlung vum Nathalie Thimmesch vun der Croix-Rouge an duerch kräfteg Ënnerstëtzung vun enger Rei Firme wéi OSCH et fils vu Veianen, PAUL SCHAAL et fils vu Miersch, VERSIS – de Verband vu Colmer-Bierg, NETTOSERVICE vum Sennengerbierg, ROBIN Peinture vun Useldeng an ANGLE VERT vu Jonglënster. Iech alleguer am Numm vun der Gemeng Fëschbech an am Numm vun eisen ukrainesche Frënn, grousse Respekt an e grousse Merci fir Äre solidareschen Asaatz.

*fir de Schäfferot*
*Fränk DAEMS*







| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |







# Nuit du sport

**11.06.2022 FËSCHBECH, FIELS A NOUMER**

**Den 11. Juni 2022 hunn d'Gemenge Fëschbech, Fiels a Noumer zesumme fir d'éischte Kéier un der landeswäiter 13. Editioun vun der Nuit du Sport deel geholl. An Zesummenaarbecht mat de Sportskommissiounen an de Veräiner aus de Gemenge konnte verschidde Sportaarten ausprobéiert ginn. Ënnert dem Motto „Gesond iessen, méi beweegen" hunn 170 Kanner an 140 Erwuessener de Wee an de „Centre sportif Filano" fonnt fir bei dësem sportlechen Event mat ze maachen.**

E grousse Merci u jiddereen dee mat gehollef huet an un d'Veräiner BBC Arantia Larochette, AS Rupensia Larochette, Dance-Atmosphere Nommern, VC Filano, Amicale et Jeunesse des Sapeurs-Pompiers, Cercle Pédestre Larochette, Taekwondo Kukkiwon Larochette, MEC asbl an Dëschtennis Noumer.

*Am Numm vun der Sportskommissioun*
*Laurent SCHILTZ*

















# Soirée de solidarité

**14.06.2022 FËSCHBECH**

**Mir liewen an enger Gesellschaft an an enger Zäit déi staark gepräägt ass vun Egoismus a wou de Mënsch nach just no sech sëlwer kuckt. Esou gëtt et op mannst vill verzielt a bestëmmt huet och scho jidderee vun eis esou eng Persoun begéint. Dass mir hei an der Gemeng awer op eng grouss Solidaritéit kënnen zielen, huet sech am Kader vun 2 Appelle bewisen.**

Wou de COVID-19 eis am Mäerz 2020 op eemol fest am Grëff hat a vrun allem eis vulnerabel Matbiergerinnen a Matbierger gebiede waren net méi ënner Leit ze goen hu mir hei an der Gemeng séier een Akaf-Service fir si op d'Bee gesat. Kommissiounen an der Apdikt an an der Grande Surface goufe vun enger Rei Fräiwëllegen aus eiser Gemeng fir Sie erleedegt an Heem bei d'Dier bruecht.

Wou Ënn Februar dëst Joer de Krich an der Ukrain entflaamt ass, a mir Hëllef gebraucht hunn fir d'Paschtoueschhaus zu Fëschbech a kuerzer Zäit fir Krichsflüchtlingen ze renovéieren, hunn sech op eisen Appell e sëllege Leit gemellt fir eng Hand mat unzepaacken oder fir Miwwel ze spenden. Och eng Rei vun eiser Gemeng hire Partnerfirmen hunn sech op Nofro direkt zu enger Ënnerstëtzung bereet erklaert.

18

Wëll mir als Gemenge Responsabel der Meenung sinn dass Solidaritéit soll honoréiert ginn, goufen déi Fräiwëlleg déi sech bei dësen 2 Aktiounen an den Déngscht vun anere Matmënsche gestallt hunn de 14. Juni op eng kleng Feierstonn op Fëschbech an den Haff vun der Gemeng invitéiert.

Vun esouvill Solidaritéit war och de Prënz Guillaume an d'Prinzessin Stéphanie begeeschtert, esou dass d'Ierfgroussherzoglech Koppel et sech net wollt huele loossen alle Fräiwëllegen eng grouss Éier ze erweisen an hinne perséinlech Merci ze soen.

*fir de Schäfferot*
*Fränk DAEMS*





*Leider waren e puer vun de Fräiwëllegen fir dës Feierstonn verhënnert a sinn dowéinst och net op dëser Gruppefoto ze gesinn.*

| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

















GEMENG

19

# Virowend vun Nationalfeierdag

**22.06.2022 FËSCHBECH & SCHOUS**

**No 2 Joer ageschränktem Programm konnten dëst Joer eis Festivitéite fir Nationalfeierdag endlech erëm esou oflafe wéi et sech gehéiert. Ganz vill Leit wollten sech dat och net huele loossen an hunn um Virowend zu Fëschbech um Cortège, um TeDeum, un der Gedenkminutt beim Monument fir d'Krichsaffer an uschléissend un eiser Festivitéit am Veräinshaus zu Schous Deel geholl. Vun de Gemengeresponsabel duerfir e grousse Merci!**

Traditionell gouf no der Ried vum Buergermeeschter d'Sportleréierung virgeholl. Dëst Joer konnten déi verdéngschtvoll Sportler hir Meritten aus de leschten 2 Joer, 2020 an 2021, erareechen. Iwwert e klenge Kaddo konnten sech folgend Sportler freeën: Mike Diener (Vëlo), Mathis Dieterlen (Basket), Lee Brosius (Basket), Luka Fernandes Mitrovic (Basket), Luca Elsen (Dëschtennis), Ramon Hamm (Billard), Joanne Rhodesch (Handball), Maxime Rhodesch (Tennis), Chris Rhodesch (Tennis), Mike Weyrich (Schwammen).

Wéinst sportleche Verflichtunge konnten de Luca Elsen a de Chris Rhodesch hir Auszeechnung leider net perséinlech entgéint huelen.

No de Sportler war et un eise Pompjeeën, wou de Pol Vrehen fir remarkabel 40 Joer Verdéngschter an de Pompjeeë mam croix de mérite am Sëlwer mat Kroun, vun der Lëtzebuerger Pompjeesfederatioun ausgezeechent gouf. Vum CGDIS goufen et donieft d'médaille d'ancienneté de l'ordre de mérite de la sécurité civile, fir de Misch Farenzena am Sëlwer fir 15 Joer a fir de Mike Karges am Bronze fir 10 Joer Verdéngschter.

Eise geéierten Sportler an fräiwëllegen Pompjeeën vun dëser Plaz aus nach emol eis Felicitatiounen an eise grousse Respekt!

Ofschléissend huet d'Chorale « ons Heemecht » ugestëmmt. Geselleg a gutt gelaunt goung et duerno bei engem erfrëschende Patt an engem klenge Maufel bis an eisen Nationalfeierdag eran.

*fir de Schäfferot*
*Fränk DAEMS*



























GEMENG

# Summerfest

**01.07.2022 SCHOUS**



**No 2021 konnt Corona bedéngt och am Februar 2022 kee „Gemengeniessen" op der Héicht stattfannen. Wéi d'Traditioun et virgesäit gi bei der Geleeënheet 1x d'Joer d'Gemengepersonal, d'Kommissiounen, d'Redaktiounsteam, d'Léierpersonal, d'Personal aus eise Structures d'Accueil awer och d'Buergermeeschteren aus den Nopeschgemengen, d'Vertrieder vu Police, ANF a CGDIS, jee alleguer déi Leit déi zum Geléngen a Fonctionnement vum Gemengeliewen am Alldag bäidroen, invitéiert.**

Wëll dëst am Februar nach net méiglech war, elo am Summer awer schonn, hu mir als Gemengeresponsabel d'Geleeënheet ergraff an d'„Gemengeniessen" 2022 duerch e „Summerfest" ersat.

Et war eis wichteg no zwee ustrengende COVID-Joren all deenen, déi bei eis an der Gemeng ënner Deels schwieregen a vrun allem komplizéierten Ëmstänn de Fonctionnement an der Riicht gehalen hunn, iwwert dëse Wee e klore Merci auszedrécken.

Geéiert goufe bei der Geleeënheet awer och nach 2 (mëttlerweil) Pensionnairen aus eisem Schoulwiesen déi laang Joren an der Gemeng Fëschbech Schoul gehaal hunn, an Ufank 80er respektiv Ufank 90er Joren och nach vun der Gemeng agestallt goufen.

D'Lucie Haas-Mensen huet vu September 1989 bis September 2021, an den Edmond Haas vu September 1982 bis September 2020 an der Gemeng Fëschbech Schoul gehalen, an nach vill méi! Sie béid kruten vum Buergermeeschter e klenge Kaddo an e klenge Souvenir als Unerkennung iwwerreecht.

Am Numm vun alle Kanner vun deemools bis haut an eise Gemengeresponsabelen vun deemols bis haut, wëlle mir hinnen nach emol villmools Merci soe fir hiren Asaatz an der Schoul a ronderëm an all deene Joren. Edmond a Lucie, mir wënschen iech eng glécklech a wuelverdéngte Pensioun!

Bei gudder Ambiance, Musek, Danz a summerlechen Temperaturen huet dëse sympathëschen Owend dozou bäigedroen de COVID-Stress aus de leschte Jore fir e puer Stonne méi wéi ze vergiessen.

*fir de Schäfferot*
*Fränk DAEMS*





































GEMENG

# Presentatioun vum „Fahrrad-wegekonzept" Regioun Mëllerdall




**De Schäfferot vun der Gemeng Fëschbech wor e Samsden 9. Juli 2022 op Waldbëlleg fir d'Presentatioun vum Regionalen Fahrradkonzept an der Regioun Mëllerdall. A Presenz vum Minister Lex Delles as de Finale Projet virgestallt gin mat uschléissendem Velostour.**

*fir de Schäfferot*
*Luss BROSIUS*












Gemeng Fëschbech

## Et si votre projet d'habitat ou de mobilité prenait vie grâce à Klima-Agence ?



Parce que **le changement climatique et la transition énergétique nous concernent tous**, myenergy, la structure nationale pour une transition énergétique, est devenue Klima-Agence, votre partenaire en matière d'énergie et de climat.

Face à la crise climatique et énergétique, il est temps de changer pour continuer à vous accompagner dans la réalisation de vos projets d'habitat et de mobilité durables. **Ensemble, construisons notre futur** : notre façon d'habiter, de nous déplacer, de consommer et nos habitudes de vie.

**Bien s'informer sur la transition énergétique et la protection du climat**

Le conseil de base en énergie Klima-Agence est neutre et gratuit. Il vous permet d'aborder les étapes nécessaires pour réussir votre projet d'habitat ou de mobilité durable, de remplacement de votre vielle chaudière à énergie fossile par une solution plus écoresponsable ou encore de production d'électricité propre grâce au soleil.

**Il s'agit d'un partenariat entre votre commune et Klima-Agence**

Ce service a pour objectif de vous conseiller, informer et sensibiliser sur les sujets suivants :

- vos économies d'énergie au quotidien ;
- la rénovation énergétique et la construction durable ;
- les solutions de chauffage pour votre logement ;
- les énergies renouvelables ;
- la production d'électricité et l'autoconsommation ;
- la mobilité électrique ;
- le certificat de performance énergétique ;
- les aides disponibles pour financer votre projet.

Si vous avez des questions sur nos services et le conseil Klima-Agence, prenez-rendez avec votre conseiller Klima-Agence au **8002 11 90**.

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Kéidenger Brill

**Nodeems mer am éischten Deel iwwert de Kéidenger Brill vun deene mei rare Planzenaarten déi hei virkomme geschwat hunn, kucke mer hei am zweeten Deel op d'Déierewelt.**

Nieft dem schwaarze Stuerk (d. Schwarzstorch) dien ee réigelméisseg hei op Fuddersich beobachte kann, enger Muerochs (d. Rohrdommel) déi an eng Fotofal gerode wor, hunn ech am Juli 2021 fir d'éischte Kéier nees e Biber (d. europäischer Biber) hei konnte gesinn. Well hien haaptsächlech dämmerungs- an nuetsaktiv ass, brauch et scho vill Chance fir hie kënnen ze gesinn. Am Dag schléift hien a sengem Bau. De Biber ass dat gréissten Nagedéier wat et an Europa gëtt. Hien ernier sech reng vu Planzen, haaptsächlech vu Blieder an Äscht, déi hien am Uwännerberäich fënnt. De Wanter duerch knabbelt hien nawwel gären un der Schuel vun de Beem. Sou leet hien och Beem ëm fir un d'Äscht ze kommen. D'Holz heivunner gebraucht hien och dacks fir seng Buerg ze bauen, wou den Agang ëmmer ënnert dem Waasserspiggel ugeluecht gëtt, an esou fir Feinden onzougänglech ass. De Biber ka 25 bis 30 kg schwéier, a mam Schwanz 1,3 Meter laang ginn, woubäi dësen, typesch horizontal ofgeflaacht, bis ongeféier 30 cm laang ass. A fräier Wëldbunn kann de Biber normalerweis 10-12 Joer al ginn. Säi gréisste Feind ass de Stroosseverkéier. Wann déi Jonk bis bal zwee Joer al sinn, wandere si vun hirer Famill fort fir sech en eegent Revéier ze sichen. Well an enger vun eiser Nopeschgemengen de Biber schonn zanter e puer Joer virkënnt, an sech do och reproduzéiert huet, ass dervun auszegoen, datt eisen hei vun do kënnt.

Zanter 2008 ass dokumentéiert, datt de Biber nees a Lëtzebuerg virkënnt, a sech och nees aktiv vermeert a weider verbreet.

*Text & Fotoen: Oli MOLITOR, préposé forestier*











# Aktivitéiten an der Schoul



## Ausfluch vum Cycle 1 op de Buerfousspad





**Mëttwochs, de 6. September 2022 waren d'Kanner aus dem Cycle 1 bei beschtem Wieder um Ausfluch op de Camping Kéngert.**

Hei si mir fir d'éischt iwwert de Buerfousspad gaangen, dat huet e bësse gepickt ënnert de Féiss a ganz vill Spaass gemaach. Duerno gouf et lecker Nuddelen an eng gutt Glace um Camping. Nodeems mer dunn nach gutt vun der schéiner Spillplaz profitéiert hunn, si mer zu Fouss duerch de Bësch bis an d'Fiels getréppelt. Ei, dat war ee schéinen Dag.









## Ausfluch an de Märchepark op Beetebuerg







**D'Kanner aus dem Précoce waren um Enn vun dësem Schouljoer e ganzen Dag an de Beetebuerger Park.**

Déi Kleng konnte vill Déieren a Märercher entdecken an hate vill Freed op der grousser Spillplaz. Bei herrlechem Wieder gouf et als Ofschloss nach eng gutt Glace.



# Clever move um INS

**Schonn e puer Joer huet d'Angsber Schoul de Label „Clever move", duerch dee mir als Schoul eis engagéieren, méi Beweegung an de Schoulalldag z'integréieren, sief et a Form vu Beweegungspausen oder mat beweegtem Léieren. Als Unerkennung fir dëst Engagement invitéiert de Ministère all Joer eng Klass aus deene Schoulen, déi dee Label hunn, op de „Clever move"-Dag op den INS. Hei kënnen d'Kanner e ganzen Dag verschidden Ateliere maachen an zum Deel nei Sportaarte kenne léieren.**

Sou huet de Cycle 3.1 dëst Joer d'Chance gehat, nieft Basket, Zumba a Wäitworf d'Sportaart Kin-Ball kennen ze léieren. Dëst ass ee Mannschaftssport, wou et drëm geet, als Ekipp e riisegroussen, awer ganz liichte Ball esou ze schéissen, dass eng vun zwou designéierte Géigenekippen en net opgefaang kritt, an de Ball de Buedem beréiert. Dat huet immens Spaass gemaach!















# Op Besuch um Bauerenhaff


**D'Kanner aus dem Cycle 1 haten déi grouss Chance, d'Joffer Catalina an all hir Déieren um Bauerenhaff zu Waldbëlleg besichen ze goen.**

Hei hu se vill iwwer di verschidden Déiere geléiert, d'Geessen, d'Hénger, d'Kanéngercher, d'Ieselen, d'Ponyen an d'Kéi gefiddert, mat der Schubbkar hu se Gras gesammelt a vill iwwert d'Liewen an d'Aarbecht um Bauerenhaff geléiert. Schued, dee schéine Moien um Haff war vill ze séier eriwwer.













# Schoulgaart





**Am Fréijoer dëst Joer hu mir eis Hochbeeter am Schoulgaart zesumme mat der Gemeng frësch befëllt.**

Och de Cycle 1 krut bei sech an den Haff nei Beeter. Mat vill Begeeschterung hunn d'Kanner sech un d'Aarbecht gemaach an och duerno fläisseg Planze gesat a gefleegt.





# Konscht mam Här Manolo Manarakis

**Am drëtten Trimester haten d'Kanner aus dem Cycle 1 d'Chance, zesumme mam Skulpteur Manolo Manarakis, deen zwee Kanner an der Angsber Schoul huet, ee Konschtprojet auszeschaffen.**

Nodeems si fir d'éischt aus Leem lauter kleng Elementer geformt hunn, hu si dës uschléissend zu grousse Mosaicken zesummegeluecht, déi dann op Holzplacke gepecht goufen. D'Butze ware ganz kreativ an hate vill Spaass dobäi.











# MAM VËLO AN D'SCHOUL



**Inspiréiert vun der Noumer Aktioun, déi dëst Joer schonn déi 3. Kéier stattfonnt huet, hunn sech an der Gemeng Fëschbech Leit aus der Sportskommissioun, vëlosbegeeschtert Awunner, Elteren a Léierpersonal zesummegedoen, fir de Kanner aus der Angsber Schoul d'Méiglechkeet unzebidden, mam Vëlo an d'Schoul ze fueren.**

Vum 27. Juni bis den 8. Juli konnten déi Angsber a Schéisser Kanner wärend 2 Wochen all Dag a Begleedung vun Erwuessene mam Vëlo an d'Schoul an och rëm heem fueren. Och déi Fëschber Kanner ware freides zweemol ganz motivéiert mat vun der Partie an hu vun de Weieren aus den ale Wee eropgedréckt, fir dann iwwer Schous an d'Schoul ze fueren. Insgesamt konnten sou eng 430 km mam Vëlo zeréckgeluecht ginn! Bravo u jiddereen, deen derbäi war!



Un dëser Plaz nach een Appell un all d'Awunner, datt ee beim Iwwerhuele vu Vëloe laut Code de la Route een Ofstand vu mindestens 1,5 Meter anhale muss. Grad wann d'Kanner mam Vëlo op der Strooss ënnerwee sinn, ass et wichteg, dëst anzehalen.

Merci un all déi Leit, déi dëse flotte Projet ënnerstëtzt hunn. Ee besonnesche Merci un de Patrick Denessen, dee mat vill Engagement un de Projet gegleeft, an all Dag an d'Pedalle gedréckt huet!

















## MAM VËLO BIS OP VEIANEN

**Als Schoulausfluch ass et fir de Cycle 4.1 mam Vëlo bis op Veianen gaangen.**

Nodeems mer gutt 30 km gedréckt haten an d'Vëloen op der Gemengecamionette verstaut waren, hu mer eng lecker Pizza giess. Duerno hu mer d'Seelbunn geholl an hunn eng Visitt vun der impressionanter Buerg gemaach.

Ee Merci un d'Gemeng fir déi finanziell an technesch Ënnerstëtzung.





# Oofschlosscolonie zu Durbuy





**De Cycle 4.2 war vum 05.07-08.07.2022 a senger Oofschlosscolonie zu Durbuy an der Belsch, der „klengster Stat vun der Welt".**

Um Programm stounge vill flott, sportlech Aktivitéiten: Vëlo fueren, en Dag am Adventure Valley, Kayak fueren a Bowling spillen. Geschlof gouf am Chalet Suisse, engem flotten Holzchalet mat groussem Gaart, Kicker, Dëschtennis a souguer enger Sauna! Et war eng onvergiesslech Woch voller Laachen, (meeschtens) guddem Wieder a ganz vill Spaass.

Merci och der Gemeng fir hier Bedeelegung, dass dës schéi Woch stattfannen konnt.












| Angsber Schoul |















# Kolonie vum Cycle 3 zu Iechternach

**Vum 11. bis den 13. Juli war de ganze Cycle 3 fir 3 Deeg op Iechternach an d´Kolonie.**

All Dag stoung eng flott Aktivitéit um Programm. Sou si mir zum Beispill klotere gaangen, duerch d´Wollefsschlucht spadséiert an hunn un enger „Team Building" Aktivitéit deelgeholl. Mir hunn och ganz vill vun deene summerlechen Temperature profitéiert an hunn eis gutt op där schéiner Spillplaz direkt nieft dem Iechternacher Séi ameséiert.

Als Ofschloss vun där flotter Kolonie hu mir eis eng lecker Pizza an Iechternach gegënnt ier mir mam Bus zréck an d´Schoul gefuer sinn.

Mir hate ganz vill Spaass a mir behale schéi Momenter an Erënnerung.









# Taralily

**Den 10. Juni 2022 hat d´Angsber Schoul hiert grousst Schoulfest. Nodeems eng Schülerin aus der Angsber Schoul bei engem Filmprojet matgemaach hat an nodeems mir d´lescht Joer schonn ee Spendelaf organiséiert haten, louch et op der Hand, dass eis Rees dës Kéier op Madagaskar geet.**

No de flotten Optrëtter vun de Kanner aus der Angsber Schoul, konnten d´Leit déi madagassesch Kultur nach besser kenne léieren. All Cycle hat nämlech och madagassescht Iesse preparéiert – vu Fingerfood, iwwer Haaptplat bis Dessert a Gedrénks war alles derbäi.

Wéi scho bei eise Fester virdrun, hu mir och dës Kéier rëm een Deel vum Benefice gespent. Dëst Joer konnte mir am Ganzen 2.000 € un d´ASBL EDI Madagaskar spenden.

Och op dëser Platz soe mir all de Leit een décke Merci, déi eis wärend deenen Deeg gehollef hunn.



















| Angsber Schoul |

# SCHOUL RALLYE























# Ofschloss Fest

## Elterevereenegung Fëschbech

15.07.2022 SCHOUS

**No laanger Paus hätt d'APEF sech mega gefreet fir de Kanner mat dësem Fest ee Laachen an d'Gesicht ze zauberen.**











| Angsber Schoul |











*Wëllst du d'APEF mat enger Memberskaart ënnerstëtzen ?*

Payez mobile avec payconiq

Scan de Code

apef Elterevereenegung Fëschbech

# Aktivitéiten an der Maison Relais

## AFTERWORK







**Freides den 20. Mee 2022 hunn d'Kanner an d'Personal aus der Maison relais „Bei de Kueben" , d'Elteren op e gemittlecht Zesummesinn invitéiert . Dëst a Form vun engem ongezwongene „Afterwork", deen am Kader vun der „Semaine nationale de l'enfance" organiséiert ginn ass.**

D'Iddi vun de Kanner war et fir hiren Elteren deen Owend e Film ze presentéieren, dee weise sollt, wat si alles an der Maison Relais maachen, resp. wéi den Alldag an der Maison relais fir si ass - en Abléck deen d'Eltere jo soss eigentlech ni kréie kënnen. Dofir hunn d'Kanner an d'Erzéier schonns Woche virdru fläisseg Iddie fir e Script gesammelt an alles dokumentéiert - vum Iessen iwwert d'Hausaufgaben an déi sëllegen Aktivitéiten an de Funktiounsräim. D'Moderatioun an de Schnëtt waren e richtegen Teamwork vun den Erzéier an de Kanner; si hunn sech et als Gastgeber och net huele gelooss, a fir déi richteg Deko an Ambiance gesuergt.

Um Afterwork huet CR Services, als neien Iessensprestataire, vun der Geleeënheet profitéiert, sech an hier Aarbecht vir ze stellen. Bei engem leckere Buffet konnten Elteren sech selwer vun der Qualitéit an der Villfalt vum Iessen iwwerzeegen.

Mat dem Verkaf vu Cocktailer, erausgeschmaachtem Rhubarbsgebees a Wäffelcher, hunn Kanner aus dem Cycle 3 - 4 de feelende Budget opgestockt fir hire Wonschausfluch vum 27. Juli 2022 an d'Phantasialand ze erméiglechen.

Alles an allem war et e flotten a gesellegen Owend fir Grouss a Kleng a mir konnte weise wéi villfälteg d'Aarbecht an der Maison relais ass. Merci jidderengem deen derbäi war .







# Spillnomëtteger

## AM PRECOCE A CYCLE 1

**Dëst Joer stoungen eis Spillnomëtteger ënnert dem Thema „Alles dat rullt".**

D'Kanner aus dem Précoce a Cycle 1 hunn wärend dem Schouljoer vill vun Autoen, Formel 1, Trakteren, Baggeren a Pompjeeën geschwat. Doraus ass eist Thema entstanen. D'Kanner konnten hier Iddien fir déi eenzel Aktivitéiten matdeelen. Dës Iddien hunn mir probéiert an déi eenzel Aktivitéiten matanfléissen ze loossen.

Hei en puer Andréck vun eenzelen Aktivitéiten wärend den zwou Wochen vun den Spillnomëtteger.

### AUTO AUS KARTONG





All Kand konnt säin eegenen Auto aus Kartong bastelen an umolen.

### VERKÉIERSFÜHRERSCHÄIN




D'Kanner konnten mat hirem Vëlo oder hirer Trottinette an der Maison Relais den Verkéiersführerschäin maachen. Hei gouf zesummen d'Schëlder gekuckt an erklaert an dono konnt all Kand mat sengem Gefier de Parcours fueren.

### Eis Supertalentshow





D´Summeraktivitéiten am Cycle2 goufen dëst Joer mat den Kanner zesummen opgestallt, sou datt d'Kanner d´Méiglechkeet haten, hir Ideen an Wënsch mat anzebezéien fir dat en flotten, ofwiesslungsräichen Programm entsteet. Um Aktiviteitsplang stoung ënnert anerem en Dag am Bësch, 2 Sportsdeeg, 1 Kreativatelier, 1 Fotosatelier, 1 Rallye, Supertalentshow, d'Preparatiounen fir eis Marche Gourmande (Cocktails, Baakateliers an Deko) an eisen erliefnisraichen Ausflug an den Eifelpark.

# POMPJEESVISITE









Déi zweet Woch sinn d'Pompjeeën eis an d'Maison Relais besichen komm an hunn eis villes erklärt an gewisen. D'Kanner konnten hei vill mat-maachen.

Hei puer Andréck an Erzielungen vun de Kanner:

„Mir haten d'Kleeder vun de Pompjeeën ugedoon. An mir hunn mam Schlauch d'Ping Pong Bäll erofgeschoss."

„Et war ee Pompjeescamion do."

„Mir hunn d'Saache vun de Pompjeeën gekuckt."

„Do war sou eng Kamera fir am Donkelen ze kucken an ganz vill Schläich."

„Mir hunn Bäll op Hitterchер gemaach an missten déi dann erofschéissen. Dat war dann d'Feier."

„Mir waren fir am Pompjeescamion dran. An de Bäifuerer war de Chef, deen wou d'Steierrad net hat."

„Een hat gepompelt an een aneren den Schlauch an do waren dann Ping Pong Bäll déi een erofschéissen misst."

Een riesen groussen Merci un d'Pompjeeën vun der Gemeng Fëschbech fir hier Zäit déi se sech geholl hunn, fir déi vill flott Andréck an Erklärungen.

# Wäschanlag







Domat eis Trottinetten emol propper kënnen gemaach ginn, hunn mir probéiert eng Wäschanlag ze bauen. Do konnt een dann mat der Trottinette duerchfueren.





# Rennfuererduerf



Fir eist Rennfuererduerf hunn d'Kanner mëttes puer Snacks preparéiert, déi si dann um 16 Auer konnten iessen. Sie konnten mat hirem Vëlo oder Trottinette am Haff ronderëm fueren. A wann si dann eng Stäerkung gebraucht hunn, konnten d'Kanner bei den ënnerschiddlechen Statiounen stallhalen an do ee Snack iessen oder eppes drénken.





# Gefillsspiller







Mir haten 2 Bassengen opgefëllt, een mat Waasser an deen aneren mat Waasserpäerlen. Dat sinn kleng Bullen, déi sech am Waasser no an no vergréisseren. D'Kanner hunn d'Pärelen mat der Faarwe no sortéiert, duerch d'Fangeren rullen gelooss a an Däppercher geschott. Am Waasser hunn d'Kanner mat verschiddenen Gefäßer, Triichteren a Läffelen experimentéiert. Och iwwert een selwergemaachene Barfusspad konnten d'Kanner goen.

# Heringer Millen









Als Ofschloss vun den Spillnomëtteger 2022, sinn mir mam Bus op d'Heringer Millen gefuer. Do hunn mir Mëttes zesummen eng Pizza giess. An vill op der neier Spillplaz gespillt.

D'Kanner haten an deenen ënnerschiddlechen Aktivitéiten vill Spaass. Mir wënschen eng schéi Vakanz.

# Spillnomëtteger

## CYCLE 3-4

**An den Summeraktivitéiten hunn mir dëst Joer 2 grouss Ausflich gemaach, op den Kanner hiren Wonsch hin sinn mir Lasergame spillen gaangen an waren an d'Phantasialand.**

Donieft hunn mir och nach een kreativen Dag gehat, wou d'Kanner Technik vum Graffiti ausprobéieren konnten. Natierlech waren mir och sportlech ënnerwee an hunn Baseball, Yoga, Basket an Fussball gespillt. Fir den rëscht loossen mir den Kanner hier Kommentarer fir sech schwätzen.



### LASERGAME

„Et war ustrengend mee awer mega cool an no der éischter Ronn krut mir eng gutt erfreschung mat fräschem Uebst an zum Schluss nach een Muffin." Lynn

„Et war ganz däischter an mir missten vill lafen an probéieren déi aner ofzetreffen." Alyssia



### GRAFFITI







„Ech fannen Graffiti mega cool, well een domat méi schéin Biller kann maachen, wéi mat normalen Faarwen. Et huet Spaß gemaach ze sprayen an ech mengen dat et all den Kanner gefall huet."
David P.




### Phantasialand

„Ech hunn et flott fonnt dass mir esou een Ausfluch mat der Maison Relais maachen konnten no 3 Joer. An dass mir zwou Gruppen haten."
Lynn







„Et war cool. Well mir waren op vill Achterbanen an och op Geisterbahn."
David P.







„Mir missten vill schaffen dofir, mee et huet sech gelount an den Fly war den Highlight vum Dag." Chiara



# STOCKBROT






„Et war flott, dass mir engkeier konnten Stockbrot machen mat Haam an Schockela, dat war richteg gutt.“
Lynn

D'Kanner haten an deenen ënnerschiddlechen Aktivitéiten vill Spaass.

Mir wënschen eng schéi Vakanz.

# Yoga & Baseball



„Den Yoga war mega entspanend.“ Alyssia

„Et war mega cool, well ech Baseball mega gär hunn.“ Dean









# Marche Gourmande



„Super cool.“
Seloua

„Den Hamburger war lecker.“
Elena S.

„Et huet vill Spaass gemaach, well op all Statioun konnte en eppes spillen.“
Zola







# Basar vun eise Fraen a Mammen

**03.04.2022 SCHOUS**



**Endlech, no 2 Joer forcéierter Paus, konnte mir d'Leit rëm invitéieren, fir op d'Héicht ze kommen,e bësse mateneen ze poteren,e guttStéck Kuch ze genéissen, an och duerch de Kaf vun Handaarbechten, Gebastels, Gebäck a Lotterielousen derzou bäidroen,d'Haus vun den M.S.-kranke Leit um Bill ze ënnerstëtzen.**

En Tableau, gesponsert vun der Mme Mady Reuland, konnte mir och verlousen, an den Erléis koum der Ukrain zegutt.

Et huet eis besonnesch gefreet,dass och eng ganz Partie jonk " Fraen a Mammen" mat hirer Famill eis besiche koumen.D' Landespresidentin, d'Mme Linda Hartmann, huet eis duerch hir Visitt motivéiert, an Zukunft sou weiderzefueren.

*Fraen a Mammen*









# Spargeliessen

**24.04.2022 SCHOUS**



**Den 24. Abrëll 2022 hat eise Veräin e Spargeliessen organiséiert.No 2 Joer „Paus“ konnten mir 120 Memberen a Frënn op der „Héicht“ begréissen.**

E grousse Succès, am Ganzen sin 60 kg Spargelen, 10 kg Saumon fumé an 25 kg réi a gekachten Hâm mat Gromperen verspeist gin.Dat alles gouf a Form vun engem Buffet offréiert.Natierlech huet den Dessert mat Kaffi nët gefeelt.Mir hoffen dat mir next Joer erëm zesummen dëst gelongend Fest können feieren.

*Marie-Louise HAAS*



# 1. Mee zu Schous

**Schéisser Wiichtelcher** **01.05.2022 SCHOUS**













# Albinusfeier

**Kathoulesch Kierch** **29.05.2022 ANGELSBIERG**













# Hexebal

**Club des Jeunes**

06.05.2022 **SCHOUS**





















# D'Minis vum BBC Arantia Larochette gewannen d'Coupe de Luxembourg

11.05.2022 **KIERCHBIERG**

**D' Final vun der Coupe Nationale du Mini-Basket, wéi et richteg heescht, gouf den 15. Mee 2022 an der Coque um Kierchbierg ausgedroen. Dëst eleng war schonn fir déi jonk Spiller (2008-2009 gebuer) vum Fielsser Basket een Erliefnis, sinn si dach hei ugetrueden géint hir Alterskolleegen vun deem groussen BBC Etzella Ettelbréck.**

Am Championnat haten si d'Etzella e puermol geklappt, sou dass si um Pabeier eigentlech de Favorit waren, mee dee leschte Match war awer relativ knapp ausgaangen an d'Coupe schreift jo bekanntlech hir eegen Gesetzer! Alles war also méiglech.

Verschidden Leit froen sech elo vläicht: „Alles schéin a gutt, mee firwat dësen Artikel am Fëschber Gemengebuet?" Ma ganz einfach, well een gudden Deel vun dëser Equipe vun der Arantia Fiels aus Jongen aus eiser Gemeng besteet! Mee dozou spéider méi.

Virum Match hunn ech d'Gaby Hoffmann, d'Präsidentin vun der Arantia gefrot: „Gaby wéi fills de Dech?"






„Mike du kenns mech, du weess, wat fir mech zielt ass d'Jugend, d'Jugend, d'Jugend! Fir mech geet een Dram an Erfëllung lo hei an der Final an der Coque ze stoen, wat jo och weist, datt mir um richtegen Wee sinn!"

Eng Fro un den Trainer Rui Nunes: „Rui bass de nervös an géifs Du eis e klengen Pronostic ofginn ?„.

"Ech si bëssen nervös, an ech denken mir gewannen dat hei, wa mer net ze fréi mat ze vill Fouls belaascht sinn!» -„Merci Rui a Bonne Chance!"

Béid Equippen haten ganz vill Supporter matbruecht, déi zum groussen Deel mat Fan-Bussen ugereest waren, an des hunn alles drugesat fir d'Coque an e richtegen Hexekessel ze verwandelen. Souguer eng ganz Rei Spiller vun der éischter Equipe vu béide Säiten haten de Wee an d'Coque fonnt an hunn sech et net huelen gelooss fir d'Jugend mat Gejäiz a Getrommels unzefeieren.

De Match gouf ugepaff an d'Arantia louch séier mat 4:0 duerch e Layup an zwee Fräiwërf vum Luka Fernandes Mitrovic vir. Mee d'Etzella huet dergéint gehal virun allem duerch den Noah Wolter, deen am 1. Véierel 7 Punkten konnt markéieren. Sou stoung et no deenen éischten 7 Minutten 13:11 fir d'Arantia.

Och am 2. Véierel war d'Nervositéit op béide Säiten ze spieren, den Coach vun der Etzella Nelson Delgado hat seng Ekipp gutt agestallt a sou goung et monter hin an hir. Lues a lues huet d'Nervositéit sech awer geluecht an eis Jongen koumen besser an de Match. Am 3. Véierel hu si kloer dominéiert an sech een Ecart erausgespillt, deen si net méi hierginn hunn, sou dass den Rui Nunes et sech erlaben konnt e puer Minutten viru Schluss seng beschten







Scorer vum Terrain ze huelen an och deenen aner Jongen méi Spillzäit ze ginn
Um Enn wënnt d'Arantia aus der Fiels verdéngt mat 65:45 géint d'Etzella vun Ettelbréck.

Eis Jongen sinn sech an d'Ärem gefall an et war eng onbeschreiflech a gëlleg Freed um Terrain an och op den Tribünen.

„Lee, wéi goung et Dir virum Match, an wéi hues Du dech duerno gefillt?» „Am Ufank vum Match war ech zimmlech nervös, dat huet een eleng schonn dru gesinn, datt ech meng éischt Fauten total dernieft gesat hunn. Mee lues a lues goung et besser, an duerno war ech einfach nëmmen glécklech. Et ass immens a genial virun souvill Leit ze spillen, déi een ufeieren a mir sinn dat bei de Minis jo och net gewinnt." De Mathis huet gemengt: „Jo am Ufank déck nervös an herno einfach nëmmen erliichtert. Et gouf jo schonn iergendwéi vun eis erwaart, datt mer de Match gewannen!"

Bosdijk Lars, Schrondweiler; Brosius Lee, Schous (13 Punkten); Didderich Vincent, Cruchten (3 P.); Dieterlen Mathis, Schous (1 P.); Fernandes Mitrovic Luka, Angelsbierg (18 P.); Hoschet Jon, Fiels; Mc Swain Mateo, Angelsbierg (Cap) (25 P.); Nuss Maximilien, Noumer; Rock Nils, Iernzen (5 P.)

An de Matcher virdrun, um Wee bis an d'Final haten och nach gehollef: Daems Max, Schous; Ekdi Demir, Fiels; Faber Tom, Miersch; Reckinger Finn, Schrondweiler; Tibold Sam, Schous.

An: Nunes Birchen Sarah (Fillettes), Harmelin Dostert Sean, Wilhelm Charles (Poussins).

Eng besonnesch Freed war et fir eis all, a besonnesch fir d'Jugend, hiren Co-Trainer Mike Jones kënnen ze begréissen, deen di éischte Kéier no sengem Hiereschlag rëm mat derbäi war. Hien krut vun de Jugendspiller a -Spillerinnen Cadeau'en a Kaarten iwwerreecht, wou si all drop ënnerschriwwen haten an den Nils hat e schéine Portrait vum Mike gemoolt.

Hei ass wat hien soot: „I wanna say thank you to all the parents! For allowing me to coach your kids over that past few years! And to all my players, thank you for your dedication to the game we all love!! Even tho it was the last game, basketball never stops!! Never stop working hard, never stop believing in yourself! Thanks for all the well wishes on my recovery process! As you can see, I will never give up and will come back stronger! Much love to everyone from Coach Mike."

Bleift nach ze soen, datt eis Scolairen och an d'Final vun der Coupe komm waren (Coupe de l'Avenir), wou si sech hiren Alterskolleegen vu Steesel awer ganz däitlech hu missen geschloen ginn. Genee sou war et jo och schonn eisen Hären den 12. Mäerz an der Final vun der Coupe de Luxembourg géint de Basket Esch gaangen.



Alles an allem awer e ganz gelongent Joer fir de Fielsser Basket, déi direkt mat dräi Equippen an enger Coupe Final stoungen. Fir déi Spiller, déi derbäi waren, sinn dat do warscheinlech Andréck an Erliefnisser, déi si an hirem Liewen ni méi wäerten vergiessen! Macht weider sou Jongen, mir sinn all houfreg op Iech! BBC Arantia Larochette!!!

*Text: Mike DAEMS*
*Fotoen: Ant DEISTER, Mike DAEMS*




WAT WAR LASS ?

# Nopeschfest

## Fëschber Nopeschfest

**18.06.2022 FËSCHBECH**

**Nom Nopeschfest 2019 war et dëst Joer, no Corona, erëm sou wäit, a mir konnten eis 9. Editioun vum Fëschber Nopeschfest bei excellentem Wieder a frouen Noperen a Frënn erëm organiséieren.**

Freed, erëm feieren an zesumme laachen ze kënnen,war bei Grouss an Kleng am Gesiicht ofzegesinn.

Ech soe mengem Comité villmools Merci fir déi gutt Mataarbecht, well ouni Eech ass sou ee Fest wat vu Joer zu Joer ëmmer méi grouss gëtt net ze organiséieren.

Merci à tous les voisins ! Thank you neighbors !

Bis geschwënn um Nopeschfest 2023

*Tom HEINZ*














| Wat war lass? |






















SAVE THE DATE
**17.06. 2023**

# Aktivitéiten beim CIS Feschbech

## Visitt vun eise Jugendpompjeeën bei de Flughafepompjeeën

Kierzlech haten eis Jugendpompjeeën en Ausfluch op de Findel bei Pompjeeën vum Flughafen ënnerholl. Nodeems si d'Gebailechkeeten gewise krute, war den Héichpunkt natierlech mam Panther (Camion op der Foto) eng Kéier laanscht Landepist ze rennen. Zum Schluss gouf och eng Kéier de Waasserwerfer a Betrib geholl.

*Lucien KARIER,*
*Chef CIS Fëschbech*















## Visite vun der Inneministesch beim CIS Fëschbech.

**En Donneschdeg den 28. Juli war d'Inneministesch Taina Bofferding op hirem traditionelle CGDIS-Summertour, wou si verschidden Asazzentren uechtert Land besicht huet, ënner anerem och dee vun der Gemeng Fëschbech.**

Den Zenterchef vum CIS Fëschbech huet d'Inneministesch an d'Leit vum CGDIS souwéi dem Inneministere begréisst, an den Zenter mat sengen 22 Memberen a 14 Jugendpompjee kuerz virgestallt. Duerno goufen Gebailechkeeten zesumme mam Buergermeeschter an de Schëffe besicht. D'Inneministesch war virun allem beandrockt vun de villen Jugendlechen an eise Reien an deene sëllege Jugendaktivitéiten. Duerno huet si sech mat de Memberen ausgetosch a si konnten hir matdeele wéi si d'Ännerungen zanter dem CGDIS empfannen. Dobäi gouf d'Suerg ausgedréckt, och an der Zukunft nach genuch motivéiert Leit ze hunn, fir weiderhin zu all Zäit kënnen auszerécken, fir de Matbierger bei Noutfäll ze hëllefen.

*Lucien KARIER,*
*Chef CIS Fëschbech*



# Offiziell „Mise en Service“ vum LF2 bei de Pompjeeë vun der Gemeng Fëschbech

**Enn September krut den Centre d’Incendie et de Secours (CIS) Fëschbech hiert Asazgefier duerch ee méi neit Gefier ersat. Wéinst de Covid-Restriktioune konnt dëst leider bis elo nach net richteg gefeiert ginn.**

Déi Verantwortlech vun de Pompjeeë wollten dat awer elo den 28. Juni nohuelen, well schliisslech kënnt et net esou dacks vir, datt en neien Asazwon an eiser Gemeng a Betrib geholl gëtt. Ëmmerhin huet de viregten Tankwon iwwer 30 Joer säin Déngscht geleescht. A leschter Zäit sinn awer ëmmer méi dacks Problemer opgetrueden a well momentan keng Neiuschafung virgesinn war, gouf ee Camion, dee vun engem aneren Zenter zréckkoum, komplett iwwerholl an de Geräteraum un eis Besoinen adaptéiert. Domat krut den CIS Fëschbech e Lëschgefier mat dem neisten standardiséierten Equipement an engem Tank vun 2400 Liter Waasser. Den LF 2 (Ofkierzung fir Löschfahrzeug m. mindestens 2000 l Wassertank) huet och eng Staffelkabinn esou dat insgesamt 6 Leit zesummen op den Asaz fueren kënnen an 2 Otemschutzdréier sech wärend der Faart asazbereet maache kënnen. Dëst bedeit bei engem Brand e groussen Zäitgewënn. Ausserdeem ass e Liichtmast installéiert souwéi en elektresche Grupp dee fir den néidege Stroum suergt.

Fir déi kleng Feierstonn goufen niewent dem Schëffen- a Gemengerot och de Chef de Zone an déi Verantwortlech vum Atelier vu Lëntgen, dee fir den Ëmbau zoustännege Mecanicien souwéi d’Cheffen vun den Nopeschzenteren an d’Memberen vun der Amicale invitéiert. A senger Begréissungsusprooch huet den Zenterchef dat neit Gefier kuerz virgestallt a seng Virdeeler ervirgehuewen. Hien huet de Verantwortlechen Merci gesot fir dës Uschafung an hofft, datt dëst fir d’Memberen eng Motivatioun wäert sinn, fir weiderhin aktiv bei de Pompjeeën ze bleiwen, dat am Déngscht vun de Matbierger aus eiser Gemeng. De Buergermeeschter huet sech erfreet gewisen, datt de CGDIS och déi kleng Asazzenteren gutt equipéiert an huet alle Membere Merci gesot fir hiert Engagement bei de Pompjeeën. Zum Schluss huet d’Gemeng op en Eirewäin invitéiert, woubäi d’Amicale fir e klenge Maufel gesuergt huet.

*Lucien KARIER,*
*Chef CIS Fëschbech*





| Wat war lass? |













# 2022

▶ **Schéckt eis är Manifestatioun op:**
**gemengeblat@acfischbach.lu**

## SEPTEMBER

**11** — **FLOUMART**
*Schous* / Senioreveräin

## OKTOBER

**06** — **PAPPENDAGSFEIER**
*Schous* / Senioreveräin

**16** — **COMMÉMORATION**
Gemeng Fëschbech

**JOURNÉE DU GRAND-ÂGE**
*Schous* / Senioreveräin

**23** — **FAIREKAFFISBUFFET**
Gemeng Fëschbech

**27** — **GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Fëschber Nopeschfest

## NOVEMBER

**13** — **FËSCHBER KIERMES**

**SCHÉISSER KIERMES**

**KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT**
*Schous* / Pompjeeën

**27** — **SCHLUECHTFEST**
*Schous* / Senioreveräin

## DEZEMBER

**1-24** — **AKTIOUN ADVENTSFËNSTER**
Kultur- a Veräinskommissioun

**05** — **DE KLEESCHEN KËNNT AN D'SCHOUL**
Gemeng Fëschbech

**DE KLEESCHEN FIRT DUERCH D'GEMENG**
Club des Jeunes

**09** — **WANTERFEST**
*Fëschbech* / Fëschber Nopeschfest



## Adventsfënster 2022


Wann dir eng Adventsfënster wëllt maache mellt iech wegl op der Emailadress *luss.brosius@acfischbach.lu*.

D'Aktioun ass am Advent ëmmer vun 18.00 - 20.00 Auer. Sot mir wat fir en Datum dir wéilt hunn an ob et eng aktiv oder stëll Fënster ass:

**Stëll** = eng flott dekoréiert Fënster
**Aktiv** = Stëll + e Patt, Musek, Lagerfeier, Geschicht,…

An ärer Fënster muss den Datum vum Dag integréiert sinn (also 12 fir den 12. Dezember)! Gidd mir wegl och är Adress mat un.

*Fir Kulturkommissioun,*
*Luss BROSIUS*




# 15ᵉ Randonnée du Centre
## 11 septembre 2022
### organisée par 12 communes

Bissen · Colmar-Berg · Fischbach · Heffingen · Helperknapp · Larochette · Lintgen · Lorentzweiler · Mersch · Nommern · Steinsel · Walferdange

EUROPÄESCHMOBILITÉITSWOCH 16.-22. SEPTEMBER · Amicale Cycling

**Départ / Arrivée à MERSCH (Parc)**

**Inscription entre 8h00 et 10h00**
**Le signal de départ pour la randonnée en groupe sera donné à 9h00**



1[er] prix: Bon d'achat de 150 €
2[e] prix: Bon d'achat de 100 €
*sous forme d'un chèque-cadeau*
3[e] – 20[e] prix: Un abonnement 1 mois piscine

**Trajet/*Strecke* A: 82,3 km – B: 41,2 km**
● **Départ Arrivée / *Start Ziel***
Parc de Mersch
**P Parking Schlasspesch**
● **Vestiaires Douches / *Umkleideräume Duschen***
Sous-sol du "Kulturhaus"



**Ravitaillement et Poste de contrôle**
***Verpflegung und Kontrolle***
Boevange 20 km, Fischbach 51 km

**Tirage au sort parmi les participants – beaux prix**
***Auslosung von interessanten Preisen unter den Teilnehmern***

**Départ / *Start***
entre 8h00 et 10h00 Parc de Mersch

### Conditions de participation

Le Code de la Route est à respecter scrupuleusement. La participation se fait aux risques et périls du randonneur. L'assurance contre les accidents et l'assurance de responsabilité civile sont à la charge du participant. Il ne s'agit pas d'une compétition et il ne sera établi aucun classement. Les voitures suiveuses ne sont tolérées que dans la mesure où elles ne gênent ni les participants ni la circulation.

Le port du casque est vivement recommandé. Par son inscription chaque participant(e) accepte les présentes conditions.




### *Teilnahmebedingungen*

*Die Straßenverkehrsordnung ist strikt einzuhalten. Die Teilnahme erfolgt auf eigene Gefahr. Unfallversicherung und Haftpflichtversicherung sind zu Lasten des einzelnen Teilnehmers. Es handelt sich nicht um einen Wettbewerb, auch wird keine Klassierung erstellt werden. Begleitwagen sind weder verboten noch erwünscht.*

*Das Tragen eines Sturzhelmes wird wärmstens empfohlen. Durch seine Anmeldung erkennt jeder Teilnehmer die vorliegenden Teilnahmebedingungen an.*

myclimate neutral Imprimé myclimate.org/01-22-866488
© Commune de Mersch – Impression: exePRO PRINT & PACKAGING
FSC MIX Paper | Supporting responsible forestry FSC® C008551 www.fsc.org

*Parcours 2022 – Streckenführung 2022*





**15ᵉ Randonnée du Centre – Date: 11.09.2022**

**Trajet / *Strecke A: 82,3 Km***

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Km | Mersch | Parc | | Plankenhaff | CR125 |
| 2,1 | Reckange | CR105 | 62 | Blaschette | CR125 |
| 9,1 | Hollenfels | CR113 | 63,9 | Asselscheier | CR125 |
| 12,3 | Tuntange | CR113 | 67,6 | Heisdorf | CR124 |
| 15,7 | Brouch | CR112 | 68,8 | Walferdange | PC / CR 125 / N7 |
| 17,2 | Buschdorf | CR112 | 70,5 | Bereldange | CR123 |
| 20,0 | Boevange/Attert | CR112 | 72 | Steinsel | CR123 |
| | RAVITAILLEMENT | | 73,5 | Mullendorf | CR123 |
| 25,4 | Bissen | N22 | 75,4 | Hunsdorf | CR123 |
| 29,5 | Colmar-Berg | N22 | | Prettingen | CR123 |
| 34,0 | Cruchten | CR123 | 78,7 | Gosseldange | CR123 |
| 36,4 | Schrondweiler | CR115 | 82 | Mersch | CR123 |
| 42,9 | Larochette | CR119 | 82,3 | Arrivée | Parc de Mersch |
| 47,2 | Christnach | CR118 | | | |
| 50,1 | Heffingen | CR128 | | | |
| 51,3 | Supp | CR128 | | | |
| 55,6 | Fischbach | CR125 | | | |
| | RAVITAILLEMENT | | | | |

***Trajet / Strecke B: 41,2 Km***

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Départ | Mersch | Parc | 34,0 | Cruchten | PC 15 |
| 2,1 km | Reckange | CR105 | | Essingen | PC 15 |
| 9,1 | Hollenfels | CR113 | | Moesdorf | PC 15 |
| 12,3 | Tuntange | CR113 | | Beringen | PC 15 |
| 15,7 | Brouch | CR112 | | Mersch | PC 15 |
| 17,2 | Buschdorf | CR112 | 41,2 km | Arrivée | Parc de Mersch |
| 20,0 | Boevange/Attert | CR112 RAVITAILLEMENT | | | |
| 25,4 | Bissen | N22 | | | |
| 29,5 | Colmar-Berg | N22 | | | |








**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Jeudi de 08h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h00**
**les autres jours : uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

| | |
|---|---|
| **COLLÈGE ÉCHEVINAL** | |
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | 32 70 84 - 24 |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1. Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2. Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |
| **SECRÉTARIAT COMMUNAL** | |
| secretariat@acfischbach.lu | |
| THILL Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.thill@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |
| **BUREAU DE LA POPULATION** | |
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |
| **RECETTE COMMUNALE** | |
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| **SERVICE TECHNIQUE** | |
| technique@acfischbach.lu | |
| Marc LAUX | 32 70 84 - 22 |
| marc.laux@acfischbach.lu | |
| **SERVICE FORESTIER** | |
| MOLITOR Olivier | 621 202 134 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | 87 96 49 |

Mierscher Lieshaus
Effentlech Bibliothéik an Internetstuff

## Bibliothèque publique

55, rue Grande-Duchesse Charlotte,
L-7520 Mersch

Tel. : 32 50 23 -550
E-Mail : kontakt@mierscher-lieshaus.lu
**www.mierscher-lieshaus.lu**

**Öffnungszeiten**
**heures d'ouverture :**

| | |
|---|---|
| Dienstag & Donnerstag / mardi & jeudi | 14.00 – 18.00 |
| Mittwoch / mercredi | 15.00 – 19.00 |
| Freitag / vendredi | 10.00 – 14.00 |
| Samstag / samedi | 10.00 – 13.00 |

**KOSTENLOS / GRATUIT :**
In Büchern stöbern
fouiller dans des livres

Geschichten hören
écouter des histoires

Bücher, Zeitschriften, Hörbücher ausleihen
prêter des livres, magazines et des livres audio

Fragen stellen – Antworten finden
poser des questions – trouver des réponses

Hausaufgaben gemeinsam machen
faire ses devoirs à domicile ensemble

Computer benutzen
utiliser l'ordinateur

**mit TEILNAHMEGEBÜHR**
**avec FRAIS DE PARTICIPATION :**
Workshops
(z.B. Kreatives Schreiben/Basteln)

atelier participatif
(p.ex. l'écrit créatif/bricolage)

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l’église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu